Kontakt

Informatiounsblat vum Fieldgen N°4 Vendredi, 14 octobre 2016

AGENDA

Vendredi, 14.10.	15h00 - préparation WE-7es 19h00 - fête du mérite
Lundi, 17.10.	16h00 - conseil d'éducation
Samedi, 22.10.	journée pédagogique pour les professeurs
Mercredi, 26.10.	14h25 - conférence plénière
Jeudi, 27.10.	19h30 - assemblée APEF

LOSCHT OP EN ZÄITSCHRËFTEN-ABO ?

Als Abonnent kriss Du all Mount déi neisten Ausgab vun enger Zäitschrëft Heem geschéckt.

Sou bleiws du ëmmer informéiert, lies vill Spannendes, a verbessers gläichzäiteg deng franséisch oder englesch Kenntnisser…

De Formulaire fir en Abonnement kriss Du op Nofro vun dengem Régent oder am CDI ausgedeelt.

Du kanns de Formulaire dann ausgefëllt bis spéitstens de 24. Oktober am CDI ofginn.

CANTINE

Dir musst äre Menü virun 8 Auer reservéieren. Wann der dat net maacht, kënn der just eng Zopp deen Dag kréien.

Concours littéraire am Kader vum Fieldgen sengen 125 Joer

De Fieldgen am Joer 2040

Du bass gutt an enger Sprooch, du schreiws gären, du hues eng gutt Imaginatioun / Virstellungskraaft ?
Hei sinn d'Konditiounen fir um Concours Deel ze huelen :

1. du däerfs eng vun dëse Sprooche wielen : Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Englesch ;
2. du däerfs ee Gedicht oder eng Kuerzgeschicht (*nouvelle / Kurzgeschichte / short story*) schreiwen ;
3. et sollen 6-7 getippten DINA4-Säite ginn oder maximal 2000 Wieder (mat engem Sputt vun 10% méi oder manner Wieder);
4. d'Schrëft, déi's du gebrauchs ass den *Arial 11*;
5. du solls deng Produktioun a Word-Format un secretariat@epf.lu schécken a net vergiessen fir d'Säiten ze nummeréiren an/oder Wiederzuel unzeginn;
6. de Stéchdatum fir alles eranzeschécken ass den 3. Mäerz 2017 ;
7. du kanns roueg däi Sproocheprofesser froen fir dir deng Produktioun eng Kéier ze iwwerliesen !

Et ginn 2 Kategorie vu Präisser :

eng fir den ënneschten Zyklus (7e - 6e/8e - 5e/9e)
eng fir den ieweschten Zyklus (4e/10e - 3e/11e - 2e/12e - 1e/13e).

Mir freeën eis är Virstellungen iwwert de Fieldgen am Joer 2040 ze liesen!

De Comité vun den 125 Joer Fieldgen

Groupe chant SRF

Wir treffen uns im Musiksaal.
Der erste Termin ist **HEUTE**, dem **14. Oktober 2016**, von **14.20 bis 15 Uhr**.

Les inscriptions pour l'OMB sont ouvertes et se font via la liste affichée près de la salle de conférence, jusqu'au 9.11.

Les éliminatoires ont lieu le mercredi, **18.01.2017** de **13.30h à 15.00h**.

Des précisions ? Demande à ton professeur de mathématiques !

A. Baddé

UNIVERSITY STUDIES IN BRITAIN

Students from 1re or 13e who are currently preparing their UCAS applications to British universities must contact me via email:

kirsten.hoeijmakers@epf.lu

I would like to advise you on the next steps.

Kirsten Hoeijmakers

INNOVATION CAMP

le 9 Novembre 2016 avec

KPMG Luxembourg

Lors d'un Innovation Camp les élèves sont répartis en équipes mixtes et doivent chercher, pendant une journée, une solution à un «business challenge» qui leur est posé par l'organisation partenaire. Le commanditaire pour cet Innovation Camp est **KPMG Luxembourg**.

Parmi les leaders de l'audit et du conseil, KPMG Luxembourg est membre de KPMG International, réseau de cabinets indépendants exerçant dans 155 pays.

Qui peut participer ? Tous les élèves à partir de 16 ans! Sont acceptés 5 élèves par établissement scolaire!

Où ? *Dans les locaux de KPMG au Kirchberg*

Envie de participer ?

Après avoir demandé l'accord de votre école, **inscrivez-vous jusqu'au 24 octobre 2016** en cliquant sur ce lien ou en allant sur notre site Internet, www.jel.lu !

Attention, le nombre de places est limité !

KPMG

citi BGL BNP PARIBAS ArcelorMittal GENII Cactus J.P.Morgan KPMG

MOSKITO BNP PARIBAS SNCI HSBC

Fotoën

Dir kënnt äer Fotoen nach bis den 26. Oktober am Sekretariat vun der Mme Hentges an der Mme Nilles kafen, respektiv nobestellen.

Dëst gëllt och fir äer Klassefotoën.

Cafeteria

An de Mëttegpausen ass **keen** Duerchgang fir folgend Klassen: **7es, 8es a 6es**!

Schülerinnen hëllefe Schülerinnen

Un all Schülerinnen aus dem Cycle Supérieur :

Wéi all Joer bidde mir och dëst Schouljoer de Service *Schülerinnen hëllefe Schülerinnen* un. Wanns du drun interesséiert bass, anere Schülerinnen Nohëllefsstonnen ze ginn, an dobäi eppes Klenges ze verdéngen, da mell dech iwert den Intranet oder iwwert E-mail (shs@epf.lu) bei der Mme Schartz. Du kanns och een Ziedel bei der Konferenz ausfëllen an do an d'Bréifboîte geheien.

Un all Schülerinnen aus dem Cycle Inférieur :

Wanns du an engem Schoulfach Problemer hues oder eng *Nohëllef* sichs, fir dir d'Matière nach eemol ze erklären, da mell dech iwwert den Intranet oder iwwert E-mail (shs@epf.lu) bei der Mme Schartz. Du kanns och een Ziedel bei der Konferenz ausfëllen an do an d'Bréifboîte geheien.

Weider Detailer fenns du am „Dossier d'information" op der Säit 52 oder am Dossier de l'Elève op der Säit 33.

Cours d'appui (September 2016)

All déi Schülerinnen, déi am September an engem cours d'appui waren, an déi hir 50€ nach net zréck kruten, solle sech w.e.g. am Sekretariat bei der Mme Schaus mellen.

FIT 4 THE FUTURE